



Plan de développement de l'établissement scolaire

Période 2018-2021

Formulaire pour la phase d'approbation



Nom de l'école:

Dellhéicht

Coordonnées:

1 Rue Dellheicht

4240 Esch-sur-Alzette

Formulaire pour la phase d'approbation du PDS

Etat des Lieux

Informations sur l'établissement de l'état des lieux

An all Cycleconcertatioun ass d'offre scolaire existante schrëftlech festgehale ginn. Dono sinn déi 2 Responsabel vum PDS an d'Concertatiounen gangen an hunn mat de Leit iwwert de PRS geschwat, hinnen d'Rapporten virgestallt an eng Analyse vun de Besoinen gemaach. Doropshin hunn si déi Saachen mat an de Comité geholl, wou nach eng Kéier driwwer diskutéiert ginn ass an zudem iwwert déi aktuell Situatioun an d'Stärkten an d'Schwächen vun der Schoul geschwat ginn ass. Schlussendlech ass alles am Edvance festgehale ginn.

Constats issus des 6 domaines en bref

| | |
|--|--|
| Amélioration des apprentissages et de l'enseignement | Eist duerchgängegt Sproochekonzept „Sazbausténg“ stecht herfier, well an 3 vun 4 Cycle schon domadder geschafft gëtt. De Cycle 4 wärt och elo op de Wee goen. Mir hunn eng grouss offre scolaire an dem Domaine. Et gëtt vill an Ateliers bei eis an der Schoul geschafft an d'Ouverture aux langues ass e wichtege Bestandeel vun eiser Schoul. |
| Organisation de l'appui pédagogique | Den Appui gëtt ganz individuell no de Besoinen vun de Schüler an dem jeweiligen Cycle agesat. Mol fënnt en innerhalb vun de Schoulstonnen statt, wou mat de Kanner an oder ausserhalb vun der Klass a klénge Gruppe geschafft gëtt. Mä en gëtt och a Form vun Hausaufgabenhëllef ausserhalb vun de Schoulzäiten gehalen. |
| Encadrement des EBS/EBP | Zesummenaarbecht vum corps enseignant stecht an dësem Domaine hervier. Zesumme gëtt gekuckt, wéi een de Kanner mat „besoins spécifique“ am bëschte kann hëllef fir si bei hierem Léier- an Entwécklungsprozess ze ënnerstëtzen. Am Cycle 1 gëtt dofir och gezillt den Appui spécifique genotzt. 1 Posten garantéiert den Appui am Cycle 2 an 3 an am Cycle 4 sinn 9 Stonnen Appui Spécifique. |
| Coopération et communication avec les parents d'élèves | Virun allem am Cycle 1 ginn d'Elteren duerch kleng Fester, verschidden Aktivitéiten an den Accueil an der Klass an de Schoulaaldag mat agebonnen. An den anere Cycle fënnt den Austausch virun allem duerch Informatiounsversammlungen a Bilansgespréischer statt. Mir wëllen awer elo op de Wee vun engem Pedibus goen, den d'Elteren och aktiv matgestalten kënnen. |
| Intégration des TIC | Vun dësem Schouljoer aus un hunn mir 20 iPads fir eis Schoul zur Verfügung gestallt kritt. Hei gëtt mat verschidden Apps, wéi zum Beispill dem iTEO, geschafft. Den Cycle 3 huet och eng interaktiv Tafel an engem Klassenall, déi regelméisseg benotzt gëtt. Am Cycle 4 schreiwte eng Enseignante stagiaire hiere Mémoire am Beräich vun den TIC a setzt hei de neien Internetsite vun der Schoul an. |

Coopération avec
l'éducation non formelle

De Cycle 1 geet mat de Kanner an d'Maison Relais baken. De Cycle 4 mëscht e Projet mat enger Crèche.

Principaux constats (*forces, faiblesses, conclusions*) issus de l'état des lieux

Mir konnte bei eis an der Schoul festhalen, dass eng vun eise Stärkten eis ouverture aux langues an eist duerchgängegt Sproochekonzept ass. Ab nächstem Schouljoer gëtt dat Konzept elo duerchgehend an alle Cycle ugewendt. Eng weider Stärkt ass den Asaz vun eisem Appui pédagogique. Och d'Zesummenaarbecht vun den Enseignanten ass eng Stärkt vun der Dellhéicht.

Zu eisem Schwächen gehéiert den Domaine TIC: leider ass eist Material net ganz zuverlässig. Och bei eise Räumlechkeeten besteet e Mangel, well d'Klassesäll oft ze kléng sinn an d'Enseignanten mol keen Sall hunn, fir sech zréckzezeihen oder sech ze versammelen. Och eise Schoulhaff ass allgemeng zimlech gro an triste, dernierwt och kleng fir d'Unzuel vun de Kanner an eiser Schoul. Zudem constatéiert all Cycle, dass d'Kanner ongesond an/oder onprésent Frühstück vun doheem matbréngen. Am Cader vun der Prise en charge vun EBS/EBP Kanner giff en I-EBS als zousätzlech Ressource d'Aarbecht optiméieren.

Priorités retenues pour le développement scolaire

No der Conclusioun hunn mir dës 5 Prioritéiten festgehalten:

- L'école tient compte du multilinguisme de ses élèves
- Promouvoir une alimentation saine ainsi que l'activité physique
- Prise en charge d'enfants présentant des troubles de comportement
- Renforcer la coopération avec les parents d'élèves
- Présenter plus de contenu scolaire par des medias et des nouvelles technologies

Anhand vun enger Ëmfro hunn d'Enseignanten 2 Hauptprioritéiten erausgewielt, déi fir si am wichtigsten sinn.

PDS

→ *facultatif*

La vision, les lignes directrices de l'école (Leitbild, ...)

L'/les objectif(s) retenu(s) et formulé(s) pour le PDS et les sous-objectifs formulés contribuant à l'atteinte de l'/des objectif(s) PDS

Objectif 1 : L'école Dellhéicht favorise le développement des compétences langagières des élèves par le biais d'un concept langagier instauré dans les quatre cycles, ceci en tenant compte du multilinguisme des élèves.

Sous objectif 1 : Nodeems d'Sazbaustäng am C1, am C2 an am C3 implémentéiert gi sinn a säitdeem se ee wichtege Bestanddeel am Sproocheléieren sinn, wärt de Cycle 4 sech an de Schouljoerer 2018-2021 op dee Wee, fir dee roude Fuedem ze garantéieren.

Sous objectif 2 : (C1-4) Au cours de l'année scolaire 2019/2020, l'école Dellhéicht organisera une formation continue interne ayant pour objectif la réflexion sur une didactique permettant l'analyse synchronique comparée des langues et l'étude interlinguale. Cette formation aura lieu en collaboration avec les enseignants portugais attachés à l'école.

Sous-objectif 3: (C1-4) Weinst der Sproochensituation setzen sech d'Enseignanten aus der Dellhéicht bis Juli 2019 an hieren Appui esou ze organiséieren, fir den individuellen Besoin vun all Kand gerecht ze ginn

Objectif 2: Basé sur une approche holistique de la santé, l'école Dellhéicht met en place un concept promouvant à la fois l'alimentation saine et l'activité physique ainsi qu'une culture de cohabitation et d'intégration fondée sur des valeurs de vivre ensemble.

Sous objectif 1 : D'Schouljoer 2019/2020 wärten d'Enseignanten sech asetzen, fir méi Bewegung an den Schoulalldag anzebauen.

Sous objectif 2 : De ganze corps Enseignant engagéiert sech iwwert déi gesamten Laafzäit vum PDS fir d' Schouklima ze verbessern, wat souwuel d'Zesummeliewen vun de Kanner, wéi och vun den Enseignanten betrifft.

Sous objectif 3 : D'Enseignants ginn déi nächst 3 Schouljoer a Kollaboratioun mat verschide Partner op de Wee vun enger gesonder Ernährung.

Grandes lignes de la mise en œuvre du PDS

Objectif 1:

- Sous-objectif 1: Cycle 4 sëtzt d'Sazbausténg och elo a sengem Unterrécht an
- Sous-objectif 2: Formation Continue fir eise corps enseignant
- Sous-objectif 3: Appui

Objectif 2:

- Sous-objectif 1: Projet "Clever Move" ; 1 x am Joer e Sportsfest, vläit sugger am Cader vun eisem Schouffest
- Sous-objectif 2: Gesondheet vum Enseignant ; Infrastruktur; Zesummeliewen vun de Kanner
- Sous-objectif 3: Maison Relais ; Elternschoul; Schoulgaart; intern Kommunikatioun mat den Elteren

→ facultatif

Thèmes & Activités en dehors du PDS

Thèmes et activités à consolider/maintenir au niveau du développement de l'école

Approbation en plénière

| | | |
|---|------------------------------|------------------------------|
| Date de la plénière : | | |
| PDS approuvé par le personnel enseignant et éducatif : | <input type="checkbox"/> Oui | <input type="checkbox"/> Non |
| Pour le personnel enseignant et éducatif (nom du président du comité d'école) : | | |
| Signature : | | |

A défaut de majorité requise lors du premier vote :

| | | |
|---|------------------------------|------------------------------|
| Date de la deuxième plénière : | | |
| PDS approuvé par le personnel enseignant et éducatif : | <input type="checkbox"/> Oui | <input type="checkbox"/> Non |
| Nombre de participants / nombre total | | |
| Votes pour / contre | | |
| Pour le personnel enseignant et éducatif (nom du président du comité d'école) : | | |
| Signature : | | |

Avis des représentants des parents

| | |
|--|-----------------------------|
| Ecole fondamentale : | Dellhéicht (Esch / Alzette) |
| Noms des représentants des parents d'élèves: | Andrea Di Leo & Mike Kissen |

d'élèves

Observations et réflexions

avis favorable

Date:

30/04/18

Signatures: